N°368
Entrée le 21.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.02.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Virun e puer Joren huet déi viregt Regierung eng Rei Hëllefsmoossname fir d'Betriber beschloss, déi ënnert dem Numm "Fit 4" bekannt sinn. Dorënner befannen sech "Fit 4 Start"; "Fit 4 Digital"; "Fit 4 Innovation", "Fit 4 Sustainability" oder och "Fit 4 Resilience". Verschidde Programmer erlaben et och groussen Entreprisen a Multinationalen, fir hei drun deelzehuelen a vu staatleche Subsiden dierfen ze profitéieren, wann si d'Bedingungen erfëllen.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Subventiounsprogrammer fir Betriber (onofhängeg vun der Gréisst vum Betrib) goufen zënter 2018 geschaf? Wéi eng Subventiounsprogrammer lafen aktuell nach?
    1. Wéi vill Demandë sinn an deenen eenzele Subventionsprogrammer erakomm a wéi vill goufen ugeholl bzw. ofgeleent? Wéi vill sinn nach en Cours de Traitement?
    2. Wéi vill Subside goufen, opgelëscht no Joer an no Programm, an deenen eenzelnen Subventionsprogrammer ausbezuelt?
       Wat ass de Montant vun den Demanden, déi nach am Cours de Traitement sinn?
    3. Wien waren déi fënnef gréisst Beneficiairë vun dëse Programmer an all dëse Joren a wéi vill Subsiden hunn dës Firmen insgesamt erhalen?

2. Wéi eng Subventiounsprogrammer existéiere beim Staat fir de Finanzement vun neie Maschinnen an Infrastrukturen ze subventionéieren?
    1. Wien war déi fënnef gréisst Beneficiairë vun dëse staatleche Bäihëllefen an all deene Joren a wéi vill Subsiden hunn dës Firmen insgesamt erhalen?
    2. Wéi ass séchergestallt, dass d'Maschinnen, déi mat lëtzebuergesche Bäihëllefe bezuelt goufen, net no e puer Joren an d'Ausland verkaf, transferéiert oder exportéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten